Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Saint Donat
Réiserbann

# Ferngesteiert Schëffer

**Geschicht:**

E Pirat ass ni eleng, mee ëmmer an der Ekipp. Wa si wëllen e Schatz fannen, da mussen si gutt zesumme schaffen a jidderengem muss nogelauschtert ginn. Fir de Schatz op dëser Statioun ze fanne gëtt et nëmmen ee richtege Wee a wann ee vun dësem Wee ofkënnt, da geréit een an d'Fale vum Floss.
Fir dass mer net vum Wee ofkomme ginn déi wichtegst Decisiounen am Kapitän sengem Büro (Mëtt vum Feld) getraff. De Pirat um Mast kuckt wou d'Gefore sinn, a seet Bescheed wéi een am beschte fiert (Befeelskaarten), an da mussen déi wichteg Decisiounen och nach bei d'Steierrad bruecht ginn, fir dass ee sécher de Schatz fënnt. An wann de Schatz da bis fonnt ass, gëtt en natierlech bridderlech opgedeelt.


**Material:**

- 3 ferngesteiert Autoën (een op Reserv)
- 2  Raster (**-> Dokument Annex**)
- 2x 5 Kaarten mat Uweisungen (**-> Dokument Annex**)
- Hittëcher fir de Parcours
- 2x Seel (fir d'Mëtt vum Spillfeld anzegrenzen

**Lëtzebuerger Guiden a Scouten**
**Réiserbänner Guiden a Scouten a.s.b.l.**
44, Grand-Rue L-3394 Roeser – R.C.S. Luxembourg F15370
**Ekipp Wëllefchersrallye 2026 – Email : wellefchersrallye@lgs.lu**

Merci dem Benevolat

## Opbau:




Spillfeld





Op der Ufanksbefeelskaart ass e Punkt, dee kennzeechend, dass et déi éischt Kaart ass.

## Oflaf:

D'Wëllef mussen de Schatz um Raster mam ferngesteierten Auto fannen.
Dofir mussen si als éischt 5 Kaarten, wou Uweisungen drop stinn, siche lafe goën. Déi bréngen dann 5 Kanner an enger Art Staffel an d'Mëtt vum Spillfeld, wou déi aner Kanner se mathëllef vun enger logescher Reiefolg an déi richteg Reiefolg brénge mussen. Soubal dat gemach ass lafen aner 5 Kanner noeneen rem an enger Art Staffel bei d'Raster wou se ëmmer nëmmen een Befeel ausféieren kënnen, bis se schlussendlech beim Schatz ukomm sinn.

## Reegelen:

- Si kréie 7 Minutten Zäit
- D'Kanner sinn an der Mëtt vum Spillfeld "gefaang", si mussen sech eens ginn, wéieng max.10 Kanner d'Kaarten sichen ginn an d'Befeeler ausféieren, an sou aus der Mëtt erausduerfen
- Fir d'Befeelskaarten sichen ze goën däerf dee nächsten réischt lass, wann deen virdrun um Wee fir zeréck an d'Mëtt ass

- Si kënnen ufänken d'Befeeler auszeféieren, wann si wëllen (och wann nach net all d'Kaarten an der Mëtt oder an der richteger Reiefolg sinn! Soulaang si mengen déi éischt puer op der richteger Plaz ze hunn)
- Fir d'Befeeler auszeféieren duerf deen nächsten réischt lafen, wann deen virdrun rem an der Mëtt ass
- Si mussen dee RICHTEGE Wee fueren, fir de Schatz ze fannen, an net einfach quer iwwert Briett!

### Bewäertung:

D'Zäit an däer si de Schatz fonnt hunn. Max. 7 Minutten